N°3551
Entrée le 27.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten esou wéi vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 3551 vum 29. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierte Georges Mischo.**

**Ass mëttlerweil eng Decisioun getraff ginn, wéi d'Gebléishal um Belval soll an Zukunft genotzt ginn? Wa jo, wat fir eng Notzung gouf zréckbehalen?**

D'Motioun vun der Chamber iwwert déi grouss Infrastrukturprojeten déi am Kader vum Budget 2026 ugeholl gouf erméiglecht et dem Fonds Belval fir déifgräifend Etuden zur Valorisatioun, Viabilisatioun an den dozou gehéierenden Aarbechten um Site virun ze entwéckelen. Des Etuden wäerten och d'Basis bilden fir déi zukünfteg Notzung vum Site ze determinéieren a wäerten dann och den concerneierten Akteuren zäitno presentéiert kënne ginn.

**Steet schonn eng Zäitschinn fir d'Ëmbauaarbechte fest?**

Ouni definéierten an approuvéierte Projet kann nach kee Projet vun engem Finanzéierungsgesetz präparéiert ginn an an der Chamber presentéiert ginn. Deemno kann nach keen Ufanksdatum fir d'final Aarbechten um Site vun der Gebléishal avancéiert ginn.

**Sinn bis zu enger definitiver Notzung Renovéierungs- respektiv Erhalungsaarbechten un der Hal geplangt, vu de schlechten Zoustand vum Gebai?**

Bis zum finaliséierte Projet fir d'Entwécklung vum Site vun der Gebléishal, huet de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten de 6. Januar 2026 seng Zoustëmmung ginn, fir mat de Stabiliséierungs- an Dekontaminatiounsaarbechten un der Hall weiderzemaachen.

Wéi bei anere komplexe Projete gouf decidéiert, dës Phase vun de Virbereedungsaarbechten ze starten, déi onofhängeg vum definitive Projet néideg sinn.

Dës Aarbechte konzentréieren sech besonnesch op Dekontaminatioun. Wéinst de spezifesche strukturelle Charakteristike vum Gebai erfuerderen dës eng individuell Methodologie.

D'Aarbechte fir d'Sécherung vun de Fassadenelementer sinn och geplangt a fänken dëst Joer un.

**Ass geplangt, d'Gebléishal ënner Denkmalschutz ze stellen, vu datt et sech beim Gebai ëm e wichtegt Stéck vum industrielle Patrimoine vun der Stolindustrie zu Lëtzebuerg handelt?**

D'Gebléishal steet zanter dem 18. Juli 2000 um *Inventaire supplémentaire des monuments nationaux*.

Et ass och wichteg ze betounen, datt de PAG vun der Stad Esch d'Gebléishal als *Environnement construit* an *Construction à conserver* klasséiert huet.

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes